Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Am Groussherzogleche Reglement vum 8 Mäerz 2017 zum Plan d'aménagement "Quartier existant" kann en Defintiounen zu verschiddene Bauvirschrëfte liesen.
Am Reglement kann ee Folgendes noliesen:
*"**Nombre d'étages***
On entend par nombre d'étages le nombre de niveaux au-dessus du rez-de-chaussée.
Nombre de niveaux
On entend par nombre de niveaux, le nombre d'espaces entre planchers et plafonds. Les niveaux en sous-sol ne sont pas pris en compte."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierf ee Bautereglement vun enger Gemeng konträr zu dësen Definitioune sinn an zum Beispill bei der Unzuel u Niveauen de Sous-sol mat zielen? Wa jo, an wéi ville Gemengen ass dëst de Fall?

2. Falls d'Äntwert op déi zwou éischt Froen negativ sollt sinn, wou sollt een sech als Bierger oder Biergerin wenden, wann engem esou eng Divergenz tëscht Definitiounen tëscht Bautereglement a Reglement vum 8 Mäerz 2017 opfält?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT
Sven

Député